# Tour de Flouer

**Duerch d'Gemeng Reckeng, de 7. Juni 2025 vun 10.00 bis 17.00 Auer.**

**Et begéint ee sech dagdeeglech am Feldwee. Mee wat mécht de Bauer oder de Bëschaarbechter iwwerhaapt an der Gewan a wéi bleift eis Kulturlandschaft erhalen?**

Maacht mat eis en Tour duerch d'Gemeng a léiert d'Natur an d'Mënschen, déi an a mat der Natur schaffen, kennen. Entdeckt ënnert anerem dem Bauer, dem Fierschter, dem Imker seng Aarbecht op verschiddene Statiounen duerch d'Gemeng.

Déi eenzel Acteure sti Kleng a Grouss am Bongert, am Bësch, um Feld an am Koustall Ried an Äntwert.

Huelt de Vëlo aus der Garage oder ditt d'Wanderschung un a maacht Iech op de Wee. D'Jongbaueren an d'Landjugend Süden suerge fir Iessen a Gedrénks beim Gemengenatelier zu Reckeng. Zu Éileng erwaart Iech d'Jugendhaus mat eppes Séissem.

Mir hunn e puer Strecke vun ënnerschiddlecher Längt (9 bis 21 km) an Dauer fir Iech erausgesicht. Déi jeeweileg Toure sinn als .gpx-Datei a QR-Coden op der Gemengesäit ze fannen a lass geet et. Natierlech kënnt Dir Iech och einfach déi Statiounen eraussichen, déi Dir am interessantste fannt an e bëssen ofkierzen. Scannt dofir dëse QR-Code.

Commission de l'Agriculture Reckange-sur-Mess

Administration communale de Reckange-sur-Mess

Commission écologique Reckange-sur-Mess

Administration communale de Reckange-sur-Mess
83, rue Jean-Pierre Hilger • L-4980 Reckeng op der Mess • www.reckange.lu

# Tour de Flouer

## Duerch d'Gemeng Reckeng

vun 10.00 bis 17.00 Auer

## 7. Juni 2025



## Entdeckt eis Landwirtschaft an eis Kulturlandschaft!

Commission de l'Agriculture Reckange-sur-Mess

Administration communale de Reckange-sur-Mess

Commission écologique Reckange-sur-Mess

# Tour de Flouer

**Duerch d'Gemeng Reckeng, de 7. Juni 2025**
**vun 10.00 bis 17.00 Auer.**

**18. APEMH**
Sensibiliséierung, Virstellung vun den Aktivitéiten - Zären, Geméisubau, Déierenzuucht an Déierepensioun.

**17. Rollrasen Van de Sluis**
Erklärungen zu de verschiddenen Etappen an der Produktioun vum Rollrasen. Virstellung vum Betrib an de Maschinnen.

**16. Pretemer Haff**
Visitte vum Atelier, Bäckerei a Bongerten. Verkaf vu Produiten am Buttek.

**15. Fair Méllech**
Erklärungen vun der Kou bis zur Méllech. Verkaf vu Méllechprodukter a klenge Glacëstand.

**14. Holstein Bosseler**
Erklärungen iwwert Zuucht vu Jongvéih, Visitte vum Stall a Verkaf vun Eeër.

**13. Alex Van de Sluis**
**Nieft der Downhillpiste:** Informatiounen iwwert Planzeschutz, Dünger an allgemengen Ackerbau.

**12. SICONA**
**Nieft der Downhillpiste:** Informatiounen iwwert d'Aktivitéiten, Virstellung vun den neie Weiere an Erkläerungen zu Amphibien.

**1. Pompjeeën - CISMR**
**Beim Gemengenatelier:** Virstellung vum Tankwon fir Vegetatiounsbränn, Sensibiliséierung zu Bëschbränn an Accidenter am Bësch.

**2. Nancy Diederich - Hobbyimkerin**
**Beim Gemengenatelier:** Beobachtungen an Erklärungen zur Hunnegbei an der Aarbecht vum Imker.




**11. Méllechbauer Laurent Raus**
Virstellung vun de verschiddenen Etappe vun der Méllechproduktioun mat Ablécker an de Stall an d'Produktiounsroboter.

**3. natur&ëmwelt Leideleng/Reckeng**
**Beim Gemengenatelier:** Spiller an Informatiounen zu Insekten a Blummen. Hierstellung vu Beiewuessdicher.

**4. Minett-Kompost**
**Beim Gemengenatelier:** Virstellung vum Betrib an Aktivitéiten ronderëm d'Enstehung vu wäertvollem Kompost.

**5. Jongbaueren & Landjugend Süden**
**Beim Gemengenatelier:** Versuergen d'Visitteure mat Iessen a Gedrénks.

**6. Fierschter**
**Beim Waassertuerm Hoën:** Virstellung vum Beruff an Aufgabeberäich. Opklärung iwwert Sécherheet am Bësch.

**7. Jeeër**
**Beim Waassertuerm Hoën:** Virstellung vum Beruff. Sensibiliséierung an Opklärung zur Noutwennegkeet vun der Juegd.

**8. Plantations Weisen**
Tipps & Tricks zu Pepinièren a Landschaftgäerterei a Verkaf vu Planzen am Buttek.

**9. Kopphaff**
Virstellung vun der Mammekéihaltung, Schwäinzuucht a Verkaf vu Fleesch am Buttek.

**10. Jugendhaus Reckeng**
Virstellung an Ablécker an d'Aktivitéite fir déi Jugendlech a Verkaf vu Paangescher an anere Séissegkeeten.